**N° 4377**
Reçue le 28.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.05.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zum geplangte Sportzenter um Belval un de Minister fir Educatioun a Héichschoul weider ze leeden.

Virun 10 Joer gouf decidéiert, dass en Sportzenter fir d'Universitéit um Belval sollt gebaut ginn. Laut dem deemolegen Zäitplang sollten d'sportlech Raimlechkeeten 2013 fäerdeg gestallt sinn. Leider steet d'Sportshal an d'Piscine bis haut nach net, obwuel d'Personal an d'Studente vun der Uni sou en Zenter fuerderen. D'Uni ass an deene lëschte Jore staark gewuess an dëst wäert an Zukunft och nach de Fall sinn. Zum Beispill solle laut dem Educatiounsminister dräi mol méi Léierpersonal an deenen nächste Joren agestallt ginn. Fir dëst Léierpersonal auszebilden, brauch een awer och di noutwendeg Sportsinfrastrukturen. Sou ass de Sportzenter en kloert Bedürfnis vun der Uni. Des Weidere géif de Campus mat engem Sportzenter weider un Attraktivitéit gewannen an d'Lycéeën aus der Ëmgéigend kéinten eventuell och vun den nei geschaafte Méiglechkeete profitéieren.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un de Minister stellen:

- Erkennt de Minister d'Neidegechkeet vun engem Sportzenter fir d'Uni um Belval un fir esou de (zukünftege) Bedürfnisser vun der Uni gerecht ze ginn?
- Konnten an der Tëschenzäit Fortschrëtter um beschriwwene Projet vum Sportzenter fir d'Uni gemaach ginn?
- Wéi gesinn di aktuell Pläng zu de genaue Sportinfrastrukturen aus?
- Gëtt et en Zäithorizont bis wéini d'Planung an de Bau sollen ofgeschloss sinn?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt **unzehuelen.**

Georges Mischo
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, an dem Här Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung , op d'parlamentaresch Fro Nr. 4377 vum 28. Mee 2021 vum honorabelen Deputéierte Georges Mischo betreffend dem geplangte Sportzenter um Belval.**

**1. Fro : Erkennt de Minister d'Neidegechkeet vun engem Sportzenter fir d'Uni um Belval un fir esou de (zukünftege) Bedürfnisser vun der Uni gerecht ze ginn?**

Den Héichschoulminister erkennt absolut d'Noutwendegkeet vun engem Sportzenter zu Belval un, fir esou den aktuelle Bedierfnisser vun der Universitéit Lëtzebuerg a vu verschiddene Lycéeën aus der Südregioun gerecht ze ginn. Fir d'Universitéit Lëtzebuerg sinn d'Bedierfnisser op der Eebene vun de pedagogesche Sportsaktivitéiten am Kader vum Bachelor en Sciences de l'Education a vun de Fräizäitaktivitéiten ugesidelt.

Wat d'Lycéeën aus der Ëmgéigend betrëfft, ass ze bemierken, datt och hei eng Noutwennegkeet fir dee Sportzenter besteet, well bei der Planung och hir Besoinen consideréiert goufen.

**2. Fro: Konnten an der Tëschenzäit Fortschrëtter um beschriwwene Projet vum Sportzenter fir d'Uni gemaach ginn?**

En Architekturconcours gouf 2013 organiséiert an huet deemols zwou Bauphase fir de Sportzenter zu Esch-Belval virgesinn. No der Ufro fir de Bau op eng Phas ze reduzéieren, hunn 2015 den Educatiounsministère, de Ministère fir Héichschoul a Fuerschung an de Sportsministère de Bauprogramm nei bewäert an d'Surfacen souwéi d'Käschte vum Projet reduzéiert. Den neie Programm ass domat 2016 festgehalen ginn.

No der Sélectioun vun der Maîtrise d'oeuvre, hunn d'Etüde vum Projet am Laf vum Joer 2018 ugefaang. D'Evolutioun vun den Besoinen, déi d'Schoulen u Sportsinfrastrukturen haten, hunn am September 2019 dozou gefouert zousätzlech Unitéiten fir d'Sportshal a fir d'Schwämm anzeplangen. De revidéierte Programm gouf an der Sëtzung vum 23. Oktober 2019 vum Regierungsrot approuvéiert. De Projet gouf deementspriechend iwwerschafft an ass elo an der leschter Phas vum detailléierten Avant-Projet.

**3. Fro: Wéi gesinn di aktuell Pläng zu de genaue Sportinfrastrukturen aus?**

Den aktuelle Programm vum neie Sportzenter gesäit eng Structure d'Accueil an en administrative Beräich vir, e Schwammzenter mat 3 Becke vu 25 x 15 m an engem Sprangbecken, souwéi e Multisportzentrum mat enger grousser Sportshal, déi a 6 Unitéite vu 27 x 15 m kann opgedeelt ginn, enger Kloterzon, engem Fitnessraum, engem Raum fir Kampfsport a Kierperausdrock an zwou Squash-Halen. Dës Raimlechkeete si virun allem fir d'Sportsaktivitéite vun de Schoule virgesinn a kënnen de Rescht vun der Zäit de Sportsveräiner, der Universitéit fir Fräizäitaktivitéiten an der Ëffentlechkeet zougänglech sinn.

Ausserdeem ass e Centre pédagogique virgesi fir d'Besoine vun der Universitéit Lëtzebuerg am Kader vun der Formatioun vun de Studenten, déi fir de Bachelor en Sciences de l'Education an de Bachelor en

Sciences Sociales et Educatives ageschriwwe sinn. Dee besteet aus enger Sportshal, déi an zwee gedeelt ka ginn an doniewent engem polyvalente Léiersall.

Am Ausseberäich soll et och e Sportberäich gi mat engem grousse Sportsterrain vun 100 x 60 m, zwee Multisportsterrainen, engem Beachvolleyballsterrain an engem Fitnessparcours.

**4. Fro: Gëtt et en Zäithorizont bis wéini d'Planung an de Bau sollen ofgeschloss sinn?**

De Projet vum neie Sportzenter zu Esch-Belval ass den Ament an der finaler Phas vum definitiven Avant-Projet. Den entspriechende Gesetzprojet soll spéitstens ufangs 2022 agereecht ginn. D'Bauaarbechte sollten 2026 ofgeschloss sinn an da gëtt d'Gebai och a Betrib geholl.